Offizéier, Ënneroffizéier, Ënneroffizéier vun der Militärmusek
Léier- an Zivilpersonal
Zaldoten vun der Lëzebuerger Fräiwellegen Arméi
vun den Joren 1967 - 1992
Dir Dammen an Dir Hären,
Léif Kolleeginnen an Kolleegen,

2023 waren et 55 Joer, dass déi éischt Zaldoten vun der Fräiwëllegen Arméi, am Januar 1968, agezu gi sinn. Säitdeem hunn iwwer 9000 jonk Leit als Fräiwëlleg Zaldoten dem Lëtzebuerger Land gedingt. Iwwer all déi laang Zäit, hunn ëmmer rëm fréier Zaldoten mech kontaktéiert oder ugeschwat bei verschiddenen Geleeënheeten (Porte Ouverte vun der Arméi, Kongresser vun verschiddenen Personalvertriedungen, Konveniater an der Kasär asw) an hunn ëmmer rëm gefrot op een net mol kéint eng Kéier en RASSEMBLEMENT maache vun all de fréiere fräiwëllegen Zaldoten mat den Kaderen. Dir kënnt Iech gut virstellen, dass een dës Manifestatioun net sou einfach organiséiert krit.

Statistiken vun Konveniater vun de verschiddenen Sessioune vun de leschte Jore weisen duerchschnëttlech eng Präsenz vun +/- 30 % aus. Eng Kéier méi, déi aner Kéier manner. Vill Punke waren ze klären, vill Steng aus dem Wee ze huelen, bis ech lo endlech, no laange Joren, sou wéit sinn fir, zesumme mat Iech alleguer, dës “AVENTURE” unzegoen.

Nom MOTTO “LËTZ HAPPEN, LËTZ DO IT”

Fir Iech eng Iddi ze ginn: Joergäng 1967 - 1992: also 25 Joer sinn +/-4200 Zaldoten BRUTTO déi entweder nom Aféiere vun der Fräiwëllegen Arméi duerch Gesetz vum Juni 1967 vum Juli 1967 un an der Fräiwëllegen Arméi viru bliwwe sinn oder vun 1968 bis 1992 agezunn, vereedeg goufen an hire Militärdéngscht gemaach hunn.

Bei mengen Analysen iwwer d’Effektiver vun de verschiddenen Sessiounen, vun de verschiddenen Joergäng ass eppes mir kloer ginn. An zwar, dass ech, aus organisatoreschen a logistesche Grënn, net alleguer d’Sessioune beienee ka ruffen. Dofir fänke mer lo mol un mat de Joergäng 1967 - 1992. An da kucke mer virun.

Fir mech war awer och kloer, dass dësen 1. RASSEMBLEMENT nëmmen an enger Uertschaft kéint organiséiert ginn, onser wonnerschéiner Garnisounsstad DIKRICH. Wou ech selwer lo scho bal 50 Joer sinn.

Den detailléierten Programm vum 1. RASSEMBLEMENT kënnt nach.

Déi nächst Woche wäert Dir nach zousätzlech Informatiounen dozou och aner Informatiounen kréien iwwer: www.frenn-letz-armei.lu an FACEBOOK

Den 1. Rassemblement ass geplangt fir:

SAMSCHDES, den 29. Juni 2024 zu DIKRICH / AL SEEËREI

Fir dat Ganzt kënnen uerdentlech ze organiséieren, sollen déi Leit, déi zwëschent 1967 an 1992 an der Arméi waren a wëllen deelhuelen, sech w.e.g mat Zäit an am beschte bis spéitstens den:

30. Abrëll 2024

umellen duerch:

IWWERWEISEN vun 40.- Euros
Op den Konto vum Patrick FRANTZ / DIEKIRCH
CCPL LULL: LU 34 1111 7550 6820 0000
Mat der Mentioun “ Rassemblement 2024”
+ Sessioun + Anzéiungsjoer + Statut

AOC = Ancien Officier de carrière
ASOC = Ancien Sous-Officier de carrière
ASOMUSMIL = Ancien Sous-officier Musique militaire
ACIV = Ancien Personnel civil
ASDTVOL = Ancien Soldat volontaire

An dësem Praïs ass den Aperitif an de Menu "Ierbessebulli" + "Café ma Dessert" + Participatioun un den Organisatiounskäschten vum Organisateur mat dran. Gedrénks gëtt separat mat Gedrënksbongen géint Bezuelung gereegelt déi een an de Keese krit.

Kopie vum Virement den 29. Juni 2024 w.e.g matbréngen

Duerch de Parkingsproblem hei zu DIKRICH recommandéieren ech sou vill wéi méiglech op den ëffentlechen Transport (Zuch, Bus) a Fuergemeinschaften zeréck ze gräifen.

De Benefice vun dësem Dag geet un déi Organisatiounen déi mat hëllefen dësen Dag ze organiséieren an ze realiséieren.

Also, léif alleguer, léif "OLDIEN", léif Kolleeginnen a Kolleegen elo ass et un Iech. Dir hutt et gefrot, lo ass et un Iech alleguer. Ech géif mech freeën, wann Dir meng Invitatioun géift unhuelen. Schéckt dëse Message weider un aner Kolleeginnen a Kolleegen. Fir sou vill wéi méiglech Leit ze informéieren an ze versammelen. Merci am viraus fir Är Mataarbecht, Är Ënnerstëtzung an hoffentlech bis geschwënn.

Mat komerodschaftleche Gréiss

Patrick FRANTZ
Adjudant – Major Honoraire
Lëtzebuerger Arméi vun 1975 bis 2015
Sessioun Volontaires 31 (21.07.1975)
Eiërenpräsident vum SPAL an vum SPFP
Gsm: 691 860 928
E-Mail: frantzp@pt.lu
Facebook: patrick frantz